N°8143
Entrée le 19.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister, Henri Kox, a vun der Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 8143 vum 12. Juli 2023 vum Här Deputéierte Sven Clement betreffend de « logement abordable ».**

Wéi op d'parlamentaresch Fro Nummer 3879 an och dono scho geäntwert gouf, kennt de Ministère du Logement am Moment just d'Zuel vun de locative Wunnengen, déi vum Fonds du Logement an der SNHBM all Joer fäerdeg gebaut ginn, dëst opgrond vun de Joresberichter vun dësen zwou Wunnengsbaugesellschaften.

Dat rezent gestëmmte Gesetz vum 7. August zum erschwéngleche Wunnen huet dem neie Regëster vun den erschwéngleche Wunnengen zwar eng legal Basis ginn, soulaang de Regëster awer nach net en place gesat gouf, ass et leider net méiglech, detailléiert op dem honorabelen Deputéierte seng Fro z'äntweren.

Lëtzebuerg, de 19/09/2023.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox